

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Ar.t 84 vum Chambersreglement) un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Et héiert een, datt BTS-Klassen am ongewësse sinn, wat d'Corona-Moosnamen ugeet. Et gëtt anscheinend Lycéeën, déi sech fir d'Sécherheetsmoosnamen an d'Organisatioun vun de BTS-Klassen net zoustänneg spieren. Déi BTS-Klasse ginn op Impuls vun der Wirtschaft, an Zesummenaarbecht mam Héichschoulministère a Lycéeë vum Sekundarunterricht organiséiert. Duerfir wëll ech dem Här Schoulminister dës Fro stellen:

1. Ass de Lycée, an deem eng BTS-Klass um Programm steet, responsabel fir d'Organisatioun vun dëser Klass a fir d'Ëmsetze vun de Sécherheetsmoosnamen, déi am Fall vun engem sanitären Noutfall vun der Regierung decidéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten